Section de Compétition

September
07

5ten a leschten Trainingsdag

Fotoen vum Fernand op dësem Link

https://photos.app.goo.gl/C8RbaPirAYKPy4K2A

Salut alleguer doheem.

Haut leschten Trainingsdag hei um Rudderkanal zu Montemor o Velho. Mir hunn relativ gutt gefaangen mee eis Noperen aus Ungarn hunn nawell schéin Gas ginn vis à vis vun eis. Mir sinn an sech net onzefridden mat deem wat mer eraus fond hunn, mee et feelt awer nach bis bei déi Bescht an dëser Woch.

Muer den Moien dann geet et lass. Secteuren sinn folgendermoossen opgedeelt:

Marc Weber am A

Fernand Schmitt am B

Pit Conrady am C

Mike Thinnes am D

Alain Tarayre am E

Wéi gesot, Streck ass ganz onregelméisseg an et muss een schonns richteg Gléck beim Tirage hunn. Mir hoffen dass den Erny do muer en gudden Grëff an Dëppchen wäert hunn.

Ech mellen mech muer dann nees. Mir hunn haut nach een schéinen Programm. Dofir maachen ech lo Schluss.